Kommissioun 3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter**

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt*
*Secretariat Gemeng Kiischpelt*

**Rapport vun der Komissiouns Versammlung vum**

**05. November 2024 (15:15 Auer) zu Wëlwerwolz**

**Présent:** Sepp Pannrucker; Kaiser-Patz Josée, Yves Kaiser, Lutgen-Lentz Antoinette
**Abscent :** -

**Ordre du Jour**

**Punkt 1: Resumé vum Ausfluch vum 8. Oktober 2024**

Den Ausfluch an d' Staat mat der Visitt vun der Philharmonie war flott a ganz interessant. Leider hunn net vill Leit un dësem Deel geholl. Duerch dat negatiivt Behuelen vun enger Participante, virun allem beim Ofschloss am Café Felten hat den Ausfluch leider en negative Bäigeschmaach kritt.

**Punkt 2: Discussioun iwwert d'Behuelen vun enger Participante um leschte Ausfluch**

Wéinst dem uewe genannte Behuelen vun enger bestëmmter Persoun, hunn d'Memberen vun der Kommissioun vum 3.Alter beschloss dëser Persoun en ageschriwwene Bréif zoukommen ze loossen, wou se dës op hiert Feelverhalen drop hiweisen an si bieden net méi un den Aktivitéiten vun der Kommissioun vum 3. Alter deel ze huelen.

**Punkt 3: Ausfluch op e Chrëschtmaart**

Den Ausfluch geet op de Chrëschtmaart vu St Wendel.

Dëse fënnt Dënschdes, den 10. Dezember 2024 statt, an mir fuere mam Bus vu Wëlwerwolz aus fort. Start ass um 08:45 zu Wëlwerwolz op der Gare an de Retour ass um 16:15 zu St Wendel.

D' Mëttigeessen ass zu St Wendel, wou jiddereen fräi wiele kann wou en ësst, a beim Retour ass e gemeinsaamt Oweseessen zu Luerenzweiler am Restaurant "Dolce Vita"

Kommissioun 3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Punkt 4: Dag vum 3. Alter**

Den Dag vum 3. Alter ass den 12.01.2025 zu Wëlwerwolz am Centre, an den Oflaf gëtt bäibehalen wéi en déi lescht Jore war.

**Punkt 5: Nächst Aktivitéiten**

Abrëll 2025: Visitt vu Belval (Bibliothéik, Gare an eventuell Héichuewen)

Summer Ausfluch: Maastricht

**Punkt 6: Verschiddenes**

Néant

**Punkt 7: Datum fir déi nächst Versammlung**

Déi nächst Versammlung ass den 03. Januar 2025 um 14:15 zu Wëlwerwolz.

**Sepp Pannrucker** — President

**Yves Kaiser** — Sekretär